CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS

# Verhaalen am CIS Luxembourg

Zone Centre

# TABLE DES MATIÈRES


1. Verpfleegung 3

1.1 Iessen 3

2. Parking 4

3. Uerdnung am CIS 4

4. Kleedung 4

5. Openthalt am CIS no der Formatioun 4

Hei fannt Dir néidesch Informatiounen betreffend Ärem Openthalt an enger Formatioun am CIS Lëtzebuerg.

# 1. Verpfleegung

Wann dir moies kommt, gidd Dir w.e.g bei der Entrée vum Etat Major (vis-à-vis vum Médico/INFS) eran an mellt Iech beim Accueil.

Do kritt dier een Accès-badge an Är Tickets'en fir den Kaffi an Mëttegiessen.

Fir den Badge musst Dir ënnerschreiwen an deen och erëm Owes no der Formatioun erëm do ofginn.

Duerno gitt Dir op den 2ten Stack an gidd laanscht den Auditoire an d' Kantin fir den Kaffi.

Nom Kaffi kommt Dir erëm zeréck an bei der Dir (Foto lénks) haalt Dir den Accès Badge widdert deen schwaarzen Lecture fir opzemaachen.

Dann gidd Dir den Gank erof bis hannert déi éischt Zwëschendiir an op der lénker Säit ass den Instruktiounssall «Bockfiels» (Foto riets).







## 1.1 Iessen

Ab 7 :30 gët ët Kaffi an der Kantin vum CNIS um 2ten Stack.

D' Mëttegiessen gëtt ët och an der Kantin.

# 2. Parking fir ären Auto :

De Parking kënnt Dir iwwert d'Sharvy-App réservéieren souwuel fir een Auto wéi och fir een MTW. Mam MTW musst Dir just d' rue de la Francophonie eropfueren an do beim Portail schellen.

D' Parkplaatzen sin op der lénker Säit agezeechent.

All déi aner Parkplazen däerfen net benotzt ginn.

# 3. Uerdnung am CIS :

Am CIS besteet eng schwaarz/wäiss Trennung an den CIS ass a 4 Zonen agedeelt :

Propper Instruktiounsraum

Hei gëtt d'F1-Tenue mat den Tagesdéngscht-Schung oder Asaz-Bottinnen (SAP) gedroen. Hei ass d'Asazkleedung (Feier-Helm, -Jackett, -Box, -Stiwwelen an -Händschen souwéi déi giel SAP Jackett) net erlaabt.

Garagen INCSA

Knaschteg awer net contaminéiert

Garagen RTW

Hei hudd Dir keen Zougang

Contaminéiert mat biologeschen Arbechtsstoffer

Wäschkummer

Hei hu dir keen Zougang

Contaminéiert mat toxeschen Stoffer

# 4. Kleeder

Während den theoretesche Coursen ass d'F1-Tenue mat den Tagesdéngscht-Schung oder propper SAP-Bottinnen ze droen.

# 5. Openthalt am CIS nom Cours :

Am CIS halen mir eis just am Instruktiounsraum op, deen fir dës Formatioun zur Verfügung steet.

Nom Cours kennt dir iech net méi am CIS ophalen. Et ass och net méiglech Nuets am CIS ze schlofen.

Fir weidere Informatiounen kennt dir iech un den zonale Chef de Service Formation wenden:

Jean-François Bricher

Tel. +35249771 3031

zone-centre-formation@cgdis.lu